

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Juli 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt zu Lëtzebuerg Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer eidel stinn, well net genuch Fleegepersonal zur Verfügung steet. Dëst géif natierlech seriö Froen opwerfen, besonnesch wann ee bedenkt, wéi séier d'Population hei am Land wiisst an datt och an Zukunft émmer méi Leit op dës Strukture wäerten ugewise sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Familljeminister:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt zu Lëtzebuerg effektiv Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer eidel stinn, well net genuch Fleegepersonal zur Verfügung steet? Wa jo, wéi eng Alters- a Fleegeheemer sinn heivunner beträff? Wéi vill Zëmmere genee stinn eidel?
2. Wa jo, wat gedenkt d'Regierung ze énnerhuelen, fir désem Mëssstand entgéintzewierken?
3. Ass den Ament - en vu vum aktuellen demographesche Wuesstem - séchergestallt, datt Alters- a Fleegeheemer an Zukunft genuch Capacitéité wäerten hunn, fir déi bedierfteg Leit opzehuelen? Huet d'Regierung an deem Kontext scho Previsiounen a wéi gesinn dës genee aus?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten